

CSV Sandweiler
Mme Massard-Stitz Simone
M. Lemmer Jean
M. Dumong Romain

Dossier suivéiert vum ;

Schäfferot Sandweiler

☎ 359711-207

✉ college.echevinal@sandweiler.lu

Sandweiler, den 14 Dezember 2023

Betrëfft : Är Froen un de Schäfferot fir t'Gemengerotssëtzung vum 30.11.2023

eis/ref. : CSV - 2023.11.27 - CE

är/ref. : Demande du 27.11.2023

Dir Dammen, Dir Hären,

Heimadden schécken mir lech t'Äntwerten op är Froen déi dir un de Schäfferot hat, an der Gemengerotssëtzung vum 26 Oktober 2023.

Fro 1:

Ufank November huet eng Biergerstonn stattfonnt. Wéi vill Bierger hu vun dëser Offer profitéiert?

Keen (Allerhellge-Vakanz) !

Wéi eng Froe vun ëffentlechem Interessi goufen dem Schäfferot gestallt a wéi gouf do drop geäntwert?

/

Fro 2:

Wat gëtt beim Fussballterrain geschafft?

Containere (Vestiaires-santaires-Arbiter) ginn opgeriicht !

Commande ënnerschriwwe vu Massard a Pietropaolo, 11.7.2023 !

Wéi laang daueren déi Aarbechten?

Hängt vill vun de meteologesche Konditiounen of !



Wéini giong dee Projet un?

Wou d'Commande ënnerschriwen gouf vu Massard a Pietropaolo, 11.7.2023 !

Firwat hänkt keng Baugeneemegung do?

Kuckt den Artikel 79.3. vum Bautereglement !

Fro 3:

De 14.11 gouf fir de SIAS en neie Bureau gewielt. Wéi eng Gemenge sinn do dra vertrueden?

D'Deliberatioun ass nach net offiziell !

Wéi vill Stimmen hunn déi eenzel Leit kritt?

Kuckt uewendriwwer !

An der selwechter Sitzung goufe 4 Konventiounen gestëmmt:

- Schutz, Auffwertung und Vernetzung von Feuchtbiotopen
- Massnahmen zum Erhalt der letzten Vorkommen des Rebhuhns (*Perdis perdix*)
- Förderung der Bestäuber im Siedlungsraum
- Förderung der Bestäuber in der Weinbauregion Mosel

Ass Sandweiler vun den 3 éischtgenannte Konventiounen och betraff a wéi eng Mesurë sinn an deene Konventiounen virgesi resp. wéi sollen déi Saache gefördert gi?

Äntwert:

- „Schutz, Auffwertung [sic] und Vernetzung von Feuchtbiotopen“ : leeft vu 2024 un !
- „Massnahmen zum Erhalt der letzten Vorkommen des Rebhuhns (*Perdis perdix*)“ : Nee!
- „Förderung [sic] der Bestäuber im Siedlungsraum“ : Jo, do si Moosname geplangt !
- „Förderung [sic] der Bestäuber in der Weinbauregion Mosel“.

Fro 4:

Mir als CSV Gemengeréit kréie reegelméisseg Invitatiounen fir Comitéversammlungen vu Syndikater. Leider hu mir bis elo keng betreffend Comitéversammlungen vum SIGI kritt. War am SIGI nach keng Versammlung am/nom Summer? Wann dach, wat gouf do decidéiert?

Dir wiert informéiert gi wann eng Comitéversammlung gewiescht wier !



Fro 5:

D'Gemeng huet e Poste fir en "Employé communal A1 fir relations publiques et événementiel"

Bei den Aufgaben déi deen Employé ze maachen huet, stoung vun dem Poste: réponses au commentaires sur Facebook". Well de Schäfferot de Bierger an Zukunft nees erlaben seng Meenung an der Kommentaren op Facebook matzedeele?

Des Méiglechkeet gouf de Bierger an enger vun den éischten Handlung vum neie Schäfferot geholl. Weiderhi stoung do: « préparation des discours pour le collègue échevinal ».

Gin déi Riede vun der Buergermeeschtesch an dem Schäfferot an Zukunft vum Personal geschriwwen a gouf dat och an de leschte Méint schonn sou gemaach?

Dat do si keng Froe vun ëffentlechem Interessi !

Fro 6:

D'Madamm Buergermeeschtesch huet virun de Walen den 20. Mee op RTL Radio gesot LSAP hätt sech zur Aufgab gemaach duerch Duerf ze goen, an ze kucke wat fir eng Appartementer an Haier eidel stinn.

Kennt dir eis soen ob dat scho gemaach gouf?

De Schäfferot versteet de Sënn vun dëser Fro net !

Wann jo wéi vill Wunnenge goufe repertoriéiert?

Kuckt uewendriwwer !

Wat gouf betreffend dës Wunnengen ënnerholl?

Kuckt uewendriwwer !

Fro 7:

De leschte Gemengerot huet verschidde PAP'e gestëmmt. Kennt Dir eis matdeelen, wou dës PAP'e am Moment dru sinn, virun allem den „PAP Ënnert dem Bierg“, de „PAP Duerfkär“ an de „PAP rue de la Vallée“?

D'Promoteuren mussen entscheeden wéi si an der heiteger Krisenzäit dës Projete upacken!

Dat ass net d'Aufgab vun der Gemeng !



Fro 8:

Laut Gemeengekalenner sollt de Sonndeg 5. November 2023 déi traditionell „Fête internationale de l'amitié“ stattfannen. Dëst war awer net de Fall. Ass et richtig, dat Virbereedunge schonn am gaange waren a scho Leit sech gemellt haten fir e Stand ze maachen?

Den aktuelle Schäfferot iwwerléisst dës Organisatioun der neier Kommissioun (nom neie Gesetz funktionnell vum Januar 2024) "Zesumme liewen" !

Wisou konnt dat flott Fest net stattfannen?

Kuckt uewendriwwer !

De Schäfferot,

